



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02. Februar 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Et ass flott, datt bis elo eng Rei vun Tram-Stationen e Lëtzebuergesche Numm kruten, bei deene neie Stationen ass dat awer net virgesinn. D'Nimm vun den Tram-Stationen hunn eng grouss Symbolkraaft fir eis Sprooch an hëllefen se ze promovéieren. Verschidden Nimm sinn nëmmen op franséisch (z.B. Place de Metz a Gare centrale), anerer sinn och op Lëtzebuergesch (z.B. Paräisser Plaz, Place de Paris), awer an eiser drëtter Amtssprooch, dem Däitschen, ass keng Statioun.

Dofir wollt ech des Froen un den Här Minister stellen:

1. Wien sicht d'Nimm eraus a wien entscheet, wéi eng Nimm geholl ginn?
2. Firwat gëtt et, sproochlech gesinn, keng eenheetlech Manéier fir d'Stationen ze benennen?
3. Firwat si verschidde Stationen just op franséisch an net op Lëtzebuergesch (z.B. Gare centrale kéint een jo op Lëtzebuergesch Zentralgare oder Hauptgare oder Stater Gare nennen)
4. Firwat gëtt elo fir d'Stationen ze benennen déi franséisch Sprooch benotzt, an net och déi däitsch, obwuel béid Sproochen gläichberechtegt administrativ Sproochen vun eisem Staat sinn?
5. Wier et net originell a wichteg fir all d'Nimm vun de Stationen och op Lëtzebuergesch ze maachen?
6. Dëst gëllt natierlech besonnesch elo fir déi zukünfteg Stationen. *(Et fënnt een Kaarten wou d'Nimm scho vermierkt sinn: 1. Hippodrome, 2. Lycée Bonnevoie, 3. Scillas, 4. Howald, 5. Lycée Vauban, 6. Ban de Gasperich, 7. Cloche d'Or.)* Sinn dës Nimm, déi alleguer op franséisch sinn, an net op lëtzebuergesch, schonn definitiv?

7. Ass de Minister net och der Meenung dass een, wéi scho virdrun erkläert, de Statiounen och kéint lëtzebuergesch Nimm ginn? (*Déi dann z.B. kéinte sinn: 1. Rennbunn (rue de l'hippodrome ass d'Rennbunnstrooss op lëtzebuergesch), 2. Bouneweger Lycée, 3 Minesbësch oder Rangwee (amplaz Scillas), 4. Houwald, 5. Lycée Vauban, 6. Gasperecher Bann, 7. Stadion*)

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten